

LU

FR

LÉIF BIERGERINNEN
A BIERGER VUN DIKRICH,

An e puer Deeg sinn d’Gemengewahlen
vum 9. Oktober 2011.

D’DP DIKRICH,
ÄR EQUIPE FIR DE WIESSEL

Wann Dir...

› ... ee Wiessel wëllt zu Dikrich,

› ... d’Ëmsetzung vu kohärenten an nohaltege
Konzepter an der Gemengepolitik
ënnerstëtzt,

› ... fir Transparenz, Biergerbedelegung,
Nohaltegkeet, Inklusioun a Regionalismus
mat gesondem Mënscheverstand sidd,

da stëmmt déi nei jonk an dynamesch Equipe
vun der DP Dikrich ënnert der Leedung vum
Jean-Luc Majerus!

ENG EFFIKASS
AARBECHTSGESTIOUN:
ENG VIRBEDINGUNG FIR
EFFIKASS RESULTATER

Mir vun der DP Dikrich wëlle mat vollem Asaz fir d’Zukunft vun eiser Stad schaffen. Am Géigesaz zu verschiddene Behauptunge vu säite vun der chrëschtlech-sozialer Vollékspartei, datt nëmme pensionéiert Leit (an net schaffend Leit) Zäit hu fir politesch Verantwortung z’iwwerhuelen, si mir vun der DP Dikrich der Meenung, datt d’Stärkt vun eiser Demokratie ebe just am Zesummespill vu Leit mat verschiddene Backgrounden, aus verschiddenen Beruffssparten (och Indépendanten) an aus verschiddene Generatioune läit. D’Gemengepolitik brauch virun allem Leit, déi schaffe kënnen a gewinnt sinn sech an hirer Aarbecht alideeglech nei beweisen ze mussen, Leit deenen hir **Stärkten an der effikasser Gestiou**n an am **intelligentem Zäitmanagement** leien. Ee groussen Zäitopwand ass kee Garant fir eng Réussite, mee eng effikass Aarbechtsgestioun ass eng Virbedingung fir effikass Resultater!

CHÈRES CITOYENNES,
CHERS CITOYENS DE DIEKIRCH,

Nous voilà à quelques jours du scrutin des élections communales du 9 octobre 2011.

LE DP DIEKIRCH, VOTRE ÉQUIPE
POUR UN CHANGEMENT

- › Si vous voulez un changement pour Diekirch...,
- › Si vous voulez appuyer la transposition de concepts cohérents et durables au niveau communal...,
- › Si vous êtes en faveur des principes de la transparence, de la participation civique, de la durabilité, de l’inclusion et du régionalisme de bon sens dans les affaires communales...,

...alors il s’agit de voter pour l’équipe dynamique et jeune du nouveau DP Diekirch mené par Jean-Luc Majerus !

LA GESTION EFFICACE
DU TRAVAIL : UNE CONDITION
PRÉALABLE POUR DES
RÉSULTATS EFFICACES

Nous tous avons l’ambition d’œuvrer et de travailler corps et âme pour le bien et l’avenir de notre ville. Et contrairement à certaines affirmations de la part du parti chrétien-social que seuls les retraités (et non ceux qui exercent une profession) se qualifieraient en raison de leur emploi de temps pour un poste d’élu, nous sommes d’avis que, bien au contraire, la force de la démocratie, c’est de réunir des personnes engagées de différents horizons, de toute profession (y inclus les indépendants) et de toute génération. Les affaires communales ont justement besoin de personnes qui savent travailler et réussir au quotidien et dont la force consiste dans la **gestion efficace d’affaires** et l’**organisation intelligente du temps**. Le temps investi n’est pas un gage de réussite. Or, la gestion efficace du travail est une condition préalable pour produire des résultats efficaces.

KONZEPTLOS DÉCISIOUNE
VUM AKTUELLE GEMENGEROT

An der letzter Gemengerotssitzung vum 21. September 2011, huet d’CSV/déi Gréng Koalitioun eng Rei vun Décisioune geholl, déi an der Presse rapportéiert goufen, awer hire Wee net méi an déi letzt Ausgab vum Däiwelselter (N2/11) fonnt hunn. Mir als DP Dikrich kommen net derlaanscht fir e puer vun dësen Décisiounen hei kuerz ze kommentéieren:

› Et schéngt eis wéi wann den **aktuelle Gemengerot hir Prioritéit virun allem op Investissementer an administrativ a kulturell Gebaier** géif leeën, während fir Projeten, déi mir als DP Dikrich als prioritär emfanen, net genuch Suen do sinn (Modernisatioun vun der Foussgängerzon, Sanéierung vun der Unterführung op der Kluuster). Wann een och nach averstan ka sinn mat dem Supplément vu 670.000 Euro fir d’**Muséographie** vum neien Dikricher Musée, wéinst senger regionaler kultureller Attraktivitéit, dann hu mir awer absolut kee Verständnes firwat d’Gemeng wëlles huet d’**Villa Conter** fir deiert Geld (1,45 Milliounen Euro) opzekafen, virun allem wann ee sech nach net eens ass, wat iwwerhaupt mat der Villa geschéie soll. Nach een administrativt Gebai méi? Sou eppes bezeechne mir als **irresponsabel Finanzgestioun**: konzeptlos an ouni d’Folgekäschten (Renovatioun!) vu sou engem Invest ze bedenken. Dobai bräichte mir momentan hei zu Dikrich wirklech, wat d’Investissementer ugeet, eng kloer Prioritéitenuerdnung an eng verantwortungsvoll Gestiou vun de Gemegefinanzen! Datt d’Villa Conter eng historesch Bedeitung huet, bezweifelt keen, mee alleng doduerch datt een d’Villa ënner Denkmalschutz stellt, kann een se och schon effikass géint een ze groussen Aktionismus vun engem Promoteur protégéieren, an dat ouni d’Gemegefinanzen ze belaaschten. D’Idee vun der aktueller Koalitioun fir aus der Villa nach ee weidert Gebai fir d’Gemegeverwaltung ze maachen, wann ee grad d’Laubachterrainen och zu dësem Zweck opkaaft huet, weist d’**Konzeptlosegkeet an d’Inkohärenz vun der Gemegeféierung an der Hand** vun der aktueller Koalitioun. Mir als DP Dikrich mengen, et hätt een d’alleréischt emol een **öffentlechen Inventaire vun de Liegenschafte vun der Dikricher Gemeng** misse maachen fir dann ee **kohärent Konzept vun der kuerzfristeger, mëttelfristeger a laangfristeger Affektatioun vun de Gemeengegebaier** auszeschaffen, ier een einfach esou Steiergelder ausgëtt.

› Il semble que l’actuel conseil communal donne **priorité aux investissements dans des bâtiments administratifs et culturels**, alors que l’argent fait défaut pour attaquer des projets jugés prioritaires par le DP Diekirch (modernisation de la zone piétonne, passage souterrain sur la Kluuster). En effet, si l’on peut tout justement encore approuver le supplément de 670.000 Euros pour la **muséographie** du nouveau musée à Diekirch en raison du moteur culturel de ce dernier pour la ville et la région, l’intention d’acquérir la **Villa Conter** pour une somme de 1,45 Millions d’Euros nous semble complètement farfelue, surtout que le conseil communal ne s’est pas encore fait d’idées concrètes concernant l’emploi exact de cet objet immobilier. Un bâtiment administratif de plus ? C’est ce que nous qualifions de **gestion financière irresponsable**, car sans concept et sans égards pour les coûts consécutifs (rénovation). Vu l’évolution inquiétante de la dette communale, les responsables de Diekirch devraient réserver la priorité à la gestion budgétaire en bon père de famille! Que la Villa Conter ait une importance historique est indéniable, or le fait de classer la villa patrimoine culturel est déjà une mesure efficace parmi d’autres, et sans imputation du budget communal, pour la protéger contre toute aliénation de la part d’un promoteur. Et d’en faire « éventuellement » un bâtiment administratif supplémentaire, alors que les terrains Laubauch viennent d’être acquis à cette fin, fait preuve, à nos

DÉCISIONS SANS CONCEPT
DU CONSEIL COMMUNAL

Par ailleurs, les décisions prises par la coalition CSV/déi Gréng lors de la dernière séance du Conseil communal du 21 septembre - dont rapport a été fait dans la presse, mais que la dernière édition de cette législature du Däiwelselter (N.2/11, publié il y a quelques jours) passe malheureusement tacite - appellent plusieurs commentaires de la part du DP Diekirch :

› Mir stellen des weidere fest, datt all d’Parteien, sougudd déi vun der aktueller Koalitioun, wéi och d’Sozialisten (déi aus dem alen Altersheim een Internat fir Schüler vun der Ackerbauschoul wëlle maachen) sech mat dem **Projet vun enger Ackerbauschoul op dem Gilsdorfer Plateau ooffonnt** hunn, während se awer nach viru kuerzem an Interviewen dëse Standuert bemängelt hunn. Mir wëllen hei ënnersträichen, datt d’DP Dikrich déi éischt an eenzeg Partei wor, déi öffentlech Stellung zu dësem Dossier geholl huet, an dat am November 2010. Mir mengen datt Dikrich nach ëmmer Spillraum huet fir de Standuert op dem Gilsdorfer Plateau ze refuséieren (Den Dossier ass nach net duerch d’Chamber!) a plaidéieren nach wie vor fir ee méi **zentrale Standuert no um Eisebunnsréseau**, fir datt Dikrich net am Verkéierschaos ënnergeet.

› Wat d’**Affektatioun vun dem alen Altersheim** ugeet, sou menge mir datt Dikrich mëttlerweil genuch Infrastrukture fir Senioren a fir d’Schoulwiese bitt. Sou proposéiere mir dëst Areal engem privaten Investisseur zur Verfügung ze stellen, deen do Wunnraum schafe soll an am Géigenzuch ënnendrénnen **fir ee geräumegt Parkhaus am Zentrum vun Dikrich, no un der Foussgängerzon**, suerge soll. Op déi Manéier kéinte mer de Parkingsproblem zu Dikrich léisen ouni de Gemegebudget ze belaaschten.

chen, wann ee grad d’Laubachterrainen och zu dësem Zweck opkaaft huet, weist d’**Konzeptlosegkeet an d’Inkohärenz vun der Gemegeféierung an der Hand** vun der aktueller Koalitioun. Mir als DP Dikrich mengen, et hätt een d’alleréischt emol een **öffentlechen Inventaire vun de Liegenschafte vun der Dikricher Gemeng** misse maachen fir dann ee **kohärent Konzept vun der kuerzfristeger, mëttelfristeger a laangfristeger Affektatioun vun de Gemeengegebaier** auszeschaffen, ier een einfach esou Steiergelder ausgëtt.

› Mir stellen des weidere fest, datt all d’Parteien, sougudd déi vun der aktueller Koalitioun, wéi och d’Sozialisten (déi aus dem alen Altersheim een Internat fir Schüler vun der Ackerbauschoul wëlle maachen) sech mat dem **Projet vun enger Ackerbauschoul op dem Gilsdorfer Plateau ooffonnt** hunn, während se awer nach viru kuerzem an Interviewen dëse Standuert bemängelt hunn. Mir wëllen hei ënnersträichen, datt d’DP Dikrich déi éischt an eenzeg Partei wor, déi öffentlech Stellung zu dësem Dossier geholl huet, an dat am November 2010. Mir mengen datt Dikrich nach ëmmer Spillraum huet fir de Standuert op dem Gilsdorfer Plateau ze refuséieren (Den Dossier ass nach net duerch d’Chamber!) a plaidéieren nach wie vor fir ee méi **zentrale Standuert no um Eisebunnsréseau**, fir datt Dikrich net am Verkéierschaos ënnergeet.

› Wat d’**Affektatioun vun dem alen Altersheim** ugeet, sou menge mir datt Dikrich mëttlerweil genuch Infrastrukture fir Senioren a fir d’Schoulwiese bitt. Sou proposéiere mir dëst Areal engem privaten Investisseur zur Verfügung ze stellen, deen do Wunnraum schafe soll an am Géigenzuch ënnendrénnen **fir ee geräumegt Parkhaus am Zentrum vun Dikrich, no un der Foussgängerzon**, suerge soll. Op déi Manéier kéinte mer de Parkingsproblem zu Dikrich léisen ouni de Gemegebudget ze belaaschten.

sens, d’une **gestion communale incohérente et dépourvue de tout concept de l’actuelle coalition**. Nous du DP Diekirch sommes d’avis qu’avant de dépenser aveuglément l’argent des citoyens, il nous faut d’abord dresser **un inventaire immobilier public du patrimoine communal et élaborer sur cette base un concept cohérent de l’affectation à court, moyen et long terme de l’ensemble des bâtiments et terrains communaux**.

› Nous constatons par ailleurs qu’aussi bien les partis de la coalition que le POSL (qui plaide pour la transformation de l’ancienne maison de retraite en internat pour les élèves du lycée agricole) semblent accepter à la fin du compte l’idée d’**un lycée agricole sur les hauteurs de Gilsdorf**, alors que dans de récentes interviews, les représentants de tous les trois partis se sont dits opposés à ce projet en quelques sortes imposé par l’Etat. Nous tenons à rappeler que le DP Diekirch était le premier et seul parti à prendre ouvertement position dans ce dossier et ceci dès novembre 2010. Nous sommes d’avis que Diekirch peut encore refuser l’emplacement du lycée agricole (le dossier n’est pas encore passé par la Chambre des députés!) et nous plaidons toujours encore **pour une implantation du lycée proche du réseau ferroviaire** afin que Diekirch ne suffoque pas dans les embouteillages.

› Concernant l’affectation du **terrain de l’ancienne maison de retraite**, nous sommes d’avis que Diekirch dispose entretemps d’assez d’infrastructures dans le domaine des seniors et scolaire. Nous préconisons, en revanche, de mettre ce terrain à disposition d’un investisseur privé qui, en échange de la **construction d’un parking couvert au même endroit, proche des commerces locaux de la zone piétonne**, puisse développer le reste du site à des fins de logements pour familles. Nous pourrions de cette manière résoudre la problématique du parking à Diekirch sans imputer le budget communal !

POSITIV INFLUENZ
VUN DER DP DIKRICH
OP DE WAHLKAMPF

Zu gudder Letzt si mer och ganz zefridde, feststellen ze können, datt d’Wahlcampagne vun der DP Dikrich biswell scho ganz positiv Auswirkungen op de gesamte Wahlkampf vun allen Dikricher Parteien ausgeübt huet:

- › D’Notiounen vun **Transparenz, Biergerbedeelegung an Nohaltegkeet**, déi di nei DP Dikrich sech vun Ufank un zu Prinzipien vun hirer Politik gemaach huet, fanne sech an Tëschenzäit an de Wahlblieder vu sämtlechen Dikricher Parteien rëm, wobäi dës Konzepte net zu hire Stärken an der letzter Legislaturperiod gehéiert hunn;
- › **Verschieden Ideen a Virschléi vun der DP Dikrich**, déi hire Wahlprogramm als eng vun denen éischte Parteien veröfentlecht huet (um Internet säit dem 21. September), schéngen och d’Texter vun der enger oder anerer Partei konstruktiv ze beaflossen...

Dat si lauter positiv Entwécklungen, déi mir begréissen, well se dem Interessi vun eiser Stad netzen a **konstruktiv zu enger zukünftiger verantwortl. an nohalteger Gemeengeféierung bäidroen**, eng vun de **Prioritéiten** vun der DP Dikrich !

INFLUENCE POSITIVE
DU DP DIEKIRCH SUR
LA CAMPAGNE ÉLECTORALE

Finalement nous constatons avec satisfaction l’influence positive que la campagne électorale du DP Diekirch a pu d’ores et déjà exercer sur l’ensemble des autres partis politiques en lice à Diekirch :

- › les mots d’ordre de **transparence, de participation civique et de durabilité** que le nouveau DP Diekirch a clamés dès le début de sa campagne sont prônés entretemps par tous les trois partis, alors que ces concepts ne faisaient point leur force lors de l’actuelle période de législature ;
- › **certaines idées du DP Diekirch**, un des premiers partis à publier l’intégralité de son programme (en ligne depuis le 21.09.), semblent avoir constructivement inspiré les textes de l’un ou l’autre parti....

Voilà autant d’évolutions positives que nous applaudissons, car elles servent l’intérêt de notre Ville et **contribuent constructivement à une gestion future responsable et durable des affaires communales**, un des objectifs principaux du DP Diekirch !

www.diekirch.dp.lu



MAJERUS Jean-Luc
40 ans, marié, 2 enfants
Entrepreneur de construction



ANSAY CLAUDE
37 ans, 1 enfant
Technicien en bâtiment, employé privé



BAULISCH ASTRID
47 ans, 2 enfants
Employée privée



KAYSER Paul
64 ans, marié, 2 enfants
Commerçant et comptable e.r.



KOCH Dale
30 ans
Enseignant de langue au LTett



LAGE GONCALVES Maria de Fatima
42 ans, 2 enfants
Commerçante



LAMBORELLE Frank
30 ans
Economiste, employé privé



LOPES GONCALVES José
26 ans
Etudiant en droit



PRIM Elisabeth
21 ans
Etudiante en sciences pédagogiques et sociales



SCHMITZ Irène
63 ans, 1 enfant
Femme au foyer



THIBEAU Claude
51 ans, 1 enfant
Artisan-commerçant



THILL Jemp
41 ans, 1 enfant
Commerçant



ZANGERLE Josette
51 ans
Professeur de langues au Nordstadlycée



DEMOKRATESCH
PARTEI

Dikrich

DIKRICH
ZESUMMEN NEI
GESTALTEN

Lëscht

4